

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staats- an Digitalisatiounsminister weiderzeleeden.

De 6. Oktober 2015 huet den Europäesche Geriichtshaff den Dateschutzaccord "Safe Harbor" tëschent der EU an de Vereenegte Staaten fir ongültig erkläert. Dëst besonnesch mat Referenz op déi staark Zougrëffsméiglechkeeten, déi amerikanesch Geheimdengschter domat op d'Donnéeë vu privaten EU-Bierger krut hätten. Am Besuch op den Nofollgeaccord "Privacy Shield" koum et 2020 op en Neits zu sou engem Urteel. De 25. Mäerz dëst Joer gouf zu Washington dunn nach eng Kéier en neien Accord tëschent Verrieder vun der EU-Kommissioun an den USA ënnerschriwwen.

An deem Sënn géif ech dem Här Staats- an Digitalminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen a wéi engem prozedurale Stadium deen aktuellen Accord sech befënnt a wéi eng legal Basis aktuell fir den Datentransfert tëschent der EU an den USA applikabel ass?
- 2) Kann den Här Minister am Sënn vun der Fro virdru matdeelen, ob dësen neien Accord muss vun der Chamber ratifizéiert ginn?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, ob an op wéi eng Manéier sech d'Lëtzebuenger Bierger beim Notze vu verschiddeenen, digitale privat Zerwässer, zum Beispill soziale Medien, gegebenefalls mussen drop astellen, datt dësen Accord och réckwierkend op hir Donnéeë kann applizéiert ginn?
- 4) Kann den Här Minister matdeelen, ob an op wéi eng Manéier d'Lëtzebuenger Bierger sech am Kader vun dësem Accord nach juristesche dogéint wiere kënnen, datt hir Donnéeën an d'Vereenegt Staaten transferéiert ginn oder bleift hinne just d'Méiglechkeet op déi entsprechend digital Zerwässer an domat och en Deel vum soziale Liewen ze verzichten?
- 5) Kann den Här Minister elaboréieren, ob wéi eng Manéier garantéiert ass, datt kengerlee Daten, déi d'Lëtzebuenger Bierger am Kader vun der Interaktioun mat staatlechen Institutiounen, och mat privaten Entrepreisen an ëffentlecher Hand, matdeelen, an d'Vereenegt Staaten transferéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten